



## **Ass mental Gesondheet kee Grondbedierfnis?**

Déi aktuell Pandemie huet vun Haut op Muer alles verännert. Mir hunn eis all un eng nei Realitéit missten upassen. Fir ons Matmënschen an eis selwer ze schützen, hunn missten ons sozial Kontakter reduzéiert ginn. All Mënsch huet mat de laange Wochen am Lockdown an de bestoende Restriktionen ze kämpfe gehat. Ëmmer méi gött siichtbar, wat scho laang an eiser Gesellschaft verbuerge lung. Mir fuerderen dass d'Opmierksamkeet op dëst liewenswichtige Grondbedierfnis ze setzen: eis mental Gesondheet!

Déi kierperlech wei och déi psychesch Gesondheet vun de Mënschen ass an de leschte Woche verstärkt en ëffentlecht Thema zu Lëtzebuerg, an Europa an op der ganzer Welt ginn. D'Leit déi drënner leide well si engem léiwe Mënsch net konnten Äddi soen, Famill a Frënn iwwer Wochen a Méint net méi ze gesinn, isoléiert am Altersheim ouni physesche Kontakt zur Aussewelt,... huet all Gesellschaftsschicht vu Jonk bis Al net verschount. All des Verännerungen hunn en direkten Afloss op d'Wuelbefannen an op di mental Gesondheet vun all Eenzelen. Et ass eis dofir en Uleies ze betounen dat mental Gesondheet net als e Luxus däerf ugesi gi mee als en elementaart Grondbedierfnis.

Psychesch a mental Problemer an Erkrankungen si villfälteg a kenne jidderee vun eiser Gesellschaft treffen. Sie sinn do, och wann een se mam bloussen Aen villäicht net erkennt. D'Weltgesundheitsorganisatioun WHO schätzt dass 2019 ongeféier 264 Milliounen Leit weltwäit eleng ënner Depressiounen gelidden hunn<sup>1</sup>. An dëst ass nëmmen eng vu ville mentalen Erkrankungen. D' Pandemie huet an de leschte Méint kloer gemaach, dass déi mental Erkrankungen definitiv och zu Lëtzebuerg verbreet sinn an deementspreechend ginn Demandë fir professionell Hëllef ze kréien an d' Luucht.<sup>23</sup>

Fir dësem Bedürfnis an der absolutter Noutwennegkeet vu Léisunge gerecht ze ginn, fuerdert d' CSJ dofir:

- Déi bestoend Servicer a Programmer méi siichtbar a méi accessibel ze maachen. Sie sollen dofir op eng einfach a Benotzer-frëndlech Manéier ugebuede ginn. D' Koordinatioun tëscht de verschidden nationale Servicer déi sech em mental Erkrankunge këmmere soll iwwert eng national Plattform harmoniséiert ginn. Dëst zum Beispill a Form vun engem staatleche "Guichet fir Mental Gesondheet", deen einfach als zentral Ulafstell iwwer Telefon erreechbar ass an deen di eenzel Servicer regroupéiert a koordinéiert.

---

<sup>1</sup> <https://www.who.int/news-room/fact-sheets/detail/mental-disorders>

<sup>2</sup> <https://www.rtl.lu/news/national/a/1677259.html>

<sup>3</sup> <https://5minutes.rtl.lu/actu/luxembourg/a/1676227.html>



- Des Plattform soll och eng Ulafstell fir Leit bidden déi mierken dat et engem an hirem Ëmfeld net gutt geet an Hëllef gebraucht gëtt. Et soll een dofir och do Ënnerstëtzung fannen wéi een a bestëmmte Situatioune ka reagéiere fir engem Mënsch aktiv ze hëllefen.
- Mir begréissen d' Campagne #act4support vum Educatiounsministere.<sup>4</sup> Opbauend a weiderdenkend, schloe mir hei d'Schafung vun enger Hotline fir d'Bierger fir, déi Deel vum Guichet fir Mental Gesondheet soll sinn. Dës kann op Modeller opbauen, déi scho laang a villen europäesche Länner implementéiert sinn (Beispill: Frankräich mam 119). Duerch dës Noutfall-Hotline solle Leit d'Méiglechkeet hunn, Hëllef an Usproch ze huelen andeems sie un déi richteg Uspriechpartner weider geleet ginn.
- D' Beruffer am sozio-edukative Beräich sou wei dee vum Psycholog a Psychiater méi attraktiv maachen an dësen déi néideg Unerkennung ginn. D'Leit sollen encouragéiert ginn sech an dëse Beräicher ausbilden ze loossen.
- D' Visitt beim Psycholog a Psychotherapeut soll vun der Krankekeess iwwerholl ginn. Dëst ass 2015 schonn en engem Gesetz festgehale mee bis dato leider nach net ëmgesat ginn.<sup>5</sup>
- Am Kader vun den ugebuedene Coursë beim CGDIS soll en weidere Schwéierpunkt dobäi kommen. En spezielle Fokus soll op d' mental Gesondheet geluecht ginn an domat d' Präventioun an d'Sensibiliséierung stäerken.

Fir ons als CSJ ass d'mental Gesondheet kloer e Grondbedierfnis a soll och als solch zu Lëtzebuerg ugesi ginn. Dofir ass et wichteg, dass di eenzel Servicer méi siichtbar an accessibel gemaach ginn, eng besser Preventiounsaarbecht geleescht gëtt an eng méi staark Sensibiliséierung an der Gesellschaft stattfënnt.

*Ugeholl um CSJ Online-Kongress 2021*

---

<sup>4</sup> <https://men.public.lu/fr/actualites/communiqués-conference-presse/2021/02/15-act4support.html>

<sup>5</sup> <http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2015/07/14/n1/jo>